LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 12 mai 2021

**Réf. :** 838x433c5

**Concerne**: Question parlementaire n° 3977 du 30 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3977 du 30 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant l'« Immunité collective Covid-19 au Luxembourg ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Pour la Ministre de la Santé,**

**Anne CALTEUX**
**Premier Conseiller de Gouvernement**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3977 du 30 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant l'« Immunité collective Covid-19 au Luxembourg ».**

*1) Bei wat fir engem Zilwaert, a Prozenter ausgedréckt, geet d'Lëtzebuerger Regierung vun enger "Herdenimmunitéit" vun der Lëtzebuerger Populatioun aus?*

Et gëtt dovunner ausgaangen, dass wann 70 Prozent vun der Bevëlkerung duerch eng Impfung géint den Virus geschützt wieren dass mer dann eng Herdenimmunitéit erreechen, wat heescht dass de Virus net méi fräi an der Bevëlkerung zirkuléiert. Et ass méiglech dass een eventuell een méi héigen Prozentsätz misst erreecht ginn, doduerch, dass verschidden Virusvarianten méi ustiechend sinn.

*2) Ginn d'Frontaliere matgerechnet, wann et drëms geet, auszerechnen, wéini Lëtzebuerg dës „Herdenimmunitéit" erreecht waert hunn?*

Den Prozentsatz vun 70%, deen d'Herdenimmunitéit ausmécht, reflétéiert den Prozentsatz vun Leit, déi schonn komplett geimpft sinn. Dobäi handelt et sech gréisstendeels aus Leit, déi hei am Land wunnen. Trotzdem muss een dem Fakt Rechnung droen, dass d'Frontalieren och zum Infektiounsgeschehen bäidroen an e Grousdeel vum Dag hei am Land sinn. Lëtzebuerg ass an dem Sënn an enger ganz spezieller Situatioun an Europa. Et ass also wichteg dass des Grupp vun Persounen déi ëmmerhin 200'000 Leit ausmaachen, och geimpft ass. Dëst geschitt, nom Prinzip vun der Verdeelung vum Impfstoff no der Bevëlkerung, an de respektiven Nopeschlänner.

*3) Wann dat net de Fall sollt sinn: Op wat fir enger epidemiologescher Basis rechnet d'Regierung aus, wéini dës „Herdenimmunitéit" vun der Lëtzebuerger Populatioun erreecht waert sinn?*

Non-applicable well mer d'Frontalieren fir d'Berechung vun der Herdenimmunitéit mussen considéréieren.

*4) Fir de Fall, wou d'Frontaliere mat abezu ginn an dës Berechnungen: Wéi soll d'Impfung vun de Frontalieren technesch organiséiert sinn? Sollen d'Frontaliere geimpft ginn op Basis vun hirer jeweileger Alterskategorie an op Basis vun hirem Vulnerabilitéitsgrad?*

D'Nopeschlänner impfen hier Awunner méi oder wéineger am selwechten Rhythmus wéi Lëtzebuerg. D'Frontalieren wäerten deemno zu der Herdenimmunitéit zu Lëtzebuerg bäidroen.

*5) Gëtt et een Accord transfrontalier mat eisen drâi Nopeschlanner, fir eng duebel Vaccinatioun vun de Frontalieren ze verhënneren? Kritt d'Regierung elo schonns Donnéeë betreffend d'Impfung vu Frontalière vun den zoustannegen Autoritéiten an eisen Nopeschlanner iwwermëttelt?*

D'Regierung échangéiert minimum eemol d'Woch mat den Länner aus der Groussregioun. Dobäi ginn d'Fortschrëtter vun den jeeweilegen Impfcampagnen all Kéiers beschwat. Sou huet sech erausgestallt, dass och Frankräich, d'Belsch an Däitschland prioritär hir Awunner impfen. Domat ginn méiglech Doublons verhënnert an eng Iwwermëttlung vun esou Donnéeën ass dowéinst nett en place gesat ginn. Et wier doriwwer eraus och schwéier virstellbar, aus wéi engen Grënn eng Persoun d'Accord wier, sech 2 mol impfen ze loossen.

*6) Wéi gëtt d'Zil „Herdenimmunitéit" abezunn an d'Prioritéitelëscht fir d'Ëmsetzung vum "Gréngе Pass"?*

Et sief dorop higewisen datt et sech hei net em en digitalen "Impfpass" handelt mee em en digitalen Certificat deen noweist datt een geimpft ass. Dësen gréngen digitalen Impfcertificat wäert am Prinzip am Juni/Juli en place gesat ginn, onofhängeg dovunner, ob eng Herdenimmunitéit erreecht gouf oder nett.